N° 6547
Entrée le 25.07.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 25.07.2022

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural, 8
Référence: 464/2022
25 JUIL. 2022
A traiter par:
Copie à:

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 25/07/2022

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Landwirtschaft weiderzeleeden.**

A menger parlamentarescher Fro n°3800 hat ech mech iwwert d'Déierentransporter informéiert, déi an de leschte Joren vun oder duerch Lëtzebuerg gefuer sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Déierentransporter hu sech 2021 vu Lëtzebuerg aus op de Wee an en anert EU-Land gemaach (opgelëscht no Déierentyp an EU-Land)?
   Wéi vill Déieren goufen insgesamt an d'EU transportéiert?

2. Wéi vill Déierentransporter hunn sech 2021 vu Lëtzebuerg aus, op de Wee an d'Net-EU-Ausland gemaach (opgelëscht no Déierentyp)? Wéi vill Déieren goufen insgesamt an Drëttstaaten transportéiert?

3. Wéi vill Export-Transporter goufen 2021 kontrolléiert?

4. Wéi vill Transit-Déierentransporter sinn 2021 duerch Lëtzebuerg gefuer (opgelëscht no Déierentyp)?
   Wéi vill Déiere goufen esou iwwert Lëtzebuerg transportéiert?

5. An der Äntwert op d'Fro 3800 hat de Minister geäntwert, dass 0% vun 51 Transit-Transporter déi lescht Joren vun 2015 bis 2020 kontrolléiert goufen. An der Äntwert op meng Nofro n°4101 erkläert de Minister, dass d'Ëmsetzung vun esou Kontrollen zu Lëtzebuerg schwéier realiséierbar wier. Goufen am Joer 2021 Transit-Transporter kontrolléiert? Falls net, wat verhënnert, dass de Ministère der Veterinärsverwaltung, der Police oder der Douane et erlaabt, wärend den Zäiten, wou Déierentransporter duerch Lëtzebuerg transitéieren, dës punktuell unzehalen a Kontrollen duerchzeféieren, wann d'Veterinärsinspektioun dës Informatioun schonn am Viraus besëtzt?

6. An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro 4101 hat de Minister geschriwwen, dass am Joer 2020 der Veterinärsinspektioun keng verletzten oder doudeg Déieren gemellt goufen, déi bannent der EU transportéiert goufen. Ass dat fir 2021 och erëm

de Fall?
Falls jo, leit dat dorunner, dass wierklech keng Verletzungen zoustane koumen oder funktionnéiert de Kontrollsystem net?

7. Grad elo wärend der Hëtzt kënnt et all Joers erëm vir, dass Déierentransporter trotz extremen Temperaturen duerchgefouert ginn. An Däitschland gouf virun der dänescher Grenz een Transporter gestoppt, an deem Fierkele bei 47 Grad am Schied transportéiert goufen. An der Äntwert op meng Fro Nummer 841 hat de Minister deemools erkläert, dass am Summer keng spezifesch Kontrollen hei duerchgefouert ginn.
Ass dat dëse Summer och erëm de Fall?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Agriculture, de la Viticulture
et du Développement rural

**Äntwert vum Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n° 6547 vun dem éierbaren Deputéierten Marc Goergen**

1. **Wéi vill Déierentransporter hunn sech 2021 vu Lëtzebuerg aus op de Wee an en anert EU-Land gemaach (opgelëscht no Déierentyp an EU-Land)?**

| | | Belsch | Däitschland | Éisträich | Frankräich | Griechenland | Holland | Italien | Polen | Rumänien | Spuenien | Total |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | | Zuel Transporten | Zuel Transporten | Zuel Transporten | Zuel Transporten | Zuel Transporten | Zuel Transporten | Zuel Transporten | Zuel Transporten | Zuel Transporten | Zuel Transporten | Zuel Transporten |
| Ranner | Schluechtvéih | 1093 | 226 | 0 | 0 | 0 | 293 | 0 | 0 | 0 | 0 | 1612 |
| | Zuucht & Maasscht | 438 | 109 | 4 | 46 | 3 | 46 | 14 | 1 | 5 | 0 | 666 |
| | Kaalwer | | 0 | 0 | 0 | 0 | 338 | 0 | 0 | 0 | 0 | 338 |
| | | | | | | | | | | | | |
| Schwäin | Schluechtschwäin | 72 | 103 | 0 | 0 | 0 | 0 | 42 | 0 | 10 | 104 | 331 |
| | Maascht | 2 | 6 | 0 | 0 | 0 | 0 | 29 | 0 | 1 | 0 | 38 |
| | | | | | | | | | | | | |
| Schoof | Schluecht | 2 | 3 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 5 |
| | Zucht & Maascht | 2 | 3 | 0 | 2 | 0 | 4 | 0 | 0 | 0 | 0 | 11 |
| | | | | | | | | | | | | |
| Geessen | Schluecht | 9 | 0 | 0 | 0 | 0 | 6 | 0 | 0 | 0 | 0 | 15 |
| | Zucht & Maascht | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| | | | | | | | | | | | | **3016** |

**Wéi vill Déiere goufen insgesamt an d'EU transportéiert?**

| | | Belsch | Däitschland | Éisträich | Frankräich | Griechenland | Holland | Italien | Polen | Rumänien | Spuenien | Total |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | | Zuel Déieren | Zuel Déieren | Zuel Déieren | Zuel Déieren | Zuel Déieren | Zuel Déieren | Zuel Déieren | Zuel Déieren | Zuel Déieren | Zuel Déieren | Zuel Déieren |
| Ranner | Schluechtvéih | 10860 | 4569 | 0 | 0 | 0 | 15497 | 0 | 0 | 0 | 0 | 30926 |
| | Zuucht & Maasscht | 4841 | 1168 | 4 | 105 | 86 | 636 | 238 | 48 | 116 | 0 | 7242 |
| | Kaalwer | | 0 | 0 | 0 | 0 | 19599 | 0 | 0 | 0 | 0 | 19599 |
| | | | | | | | | | | | | |
| Schwäin | Schluechtschwäin | 9044 | 13372 | 0 | 0 | 0 | 0 | 5485 | 0 | 975 | 15607 | 44483 |
| | Maascht | 7 | 704 | 0 | 0 | 0 | 0 | 3555 | 0 | 155 | 0 | 4421 |
| | | | | | | | | | | | | |
| Schoof | Schluecht | 86 | 108 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 194 |
| | Zucht & Maascht | 4 | 19 | 0 | 11 | 0 | 17 | 0 | 0 | 0 | 0 | 51 |
| | | | | | | | | | | | | |
| Geessen | Schluecht | 486 | 0 | 0 | 0 | 0 | 643 | 0 | 0 | 0 | 0 | 1129 |
| | Zucht & Maascht | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| | | | | | | | | | | | | **108045** |

2. **Wéi vill Déierentransporter hunn sech 2021, vu Lëtzebuerg aus, op de Wee an d'Net-EU-Ausland gemaach (opgelëscht no Déierentyp)? Wéi vill Déiere goufen insgesamt an Drëttstaaten transportéiert?**

| | | Groussbritannien | | Montenegro | | Schweiz | | Total | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | | Zuel Transporter | Zuel Déieren | Zuel Transporter | Zuel Déieren | Zuel Transporter | Zuel Déieren | Zuel Transporter | Zuel Déieren |
| Ranner | Schluechtvéih | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| | Zuucht & Maasscht | 33 | 493 | 1 | 3 | 1 | 1 | 35 | 497 |
| | Kaalwer | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| | | | | | | | | | |
| Schwäin | Schluechtschwäin | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| | Maascht | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| | | | | | | | | | |
| Schoof | Schluecht | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| | Zucht & Maascht | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| | | | | | | | | | |
| Geessen | Schluecht | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| | Zucht & Maascht | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| | | | | | | | | 35 | 497 |

3. **Wéi vill Export-Transporter goufen 2021 kontrolléiert?**

All Déierentransporter, déi vu Lëtzebuerg an en anert EU-Land resp. an en Drëttland ginn, ginn au Depart vun der Veterinärsverwaltung kontrolléiert, déi och déi néideg Zertifikater ausstellt, déi d'Déieren op hirem Transport bis op d'Destinatioun begleeden. Et goufen 2021 insgesamt 3051 Transporter mat 108542 Déiere kontrolléiert.

4. **Wéi vill Transit-Déierentransporter sinn 2021 duerch Lëtzebuerg gefuer (opgelëscht no Déierentyp)?**
   **Wéi vill Déiere goufen esou iwwert Lëtzebuerg transportéiert?**

2021 ass offiziell 1 Transport mat 50 Schwäi vun der Belsch duerch Lëtzebuerg an Italien gefuer.

5. **An der Äntwert op d'Fro 3800 hat de Minister geäntwert, dass 0% vun 51 Transit-Transporter déi lescht Jore vun 2015 bis 2020 kontrolléiert goufen. An der Äntwert op meng Nofro n°4101 erkläert de Minister, dass d'Ëmsetzung vun esou Kontrollen zu Lëtzebuerg schwéier realiséierbar wier. Goufen am Joer 2021 Transit-Transporter kontrolléiert? Falls net, wat verhënnert, dass de Ministère der Veterinärsverwaltung, der Police oder der Douane et erlaabt, wärend den Zäiten, wou Déierentransporter duerch Lëtzebuerg transitéieren, dës punktuell unzehalen a Kontrollen duerchzeféieren, wann d'Veterinärsinspektioun dës Informatioun schonn am Viraus besëtzt?**

D' Veterinärsverwaltung huet net d'Méiglechkeet fir Gefierer aus dem Verkéier eraus unzehalen.

D'Douane mécht dës Kontrollen. Allerdéngs kënnen d'Beamte vun der Douane net de gesamte Stroossereseau permanent iwwerwaachen. 2022 huet d'Douane e Camion erausgezunn a kontrolléiert, dee Lëtzebuerg net als Transit-Land uginn hat.

6. **An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro 4101 hat de Minister geschriwwen, dass am Joer 2020 der Veterinärsinspektioun keng verletzten oder doudeg Déiere gemellt goufen, déi bannent der EU transportéiert goufen. Ass dat fir 2021 och erëm de Fall?**
   **Falls jo, leit dat dorunner, dass wierklech keng Verletzungen zustane koumen oder funktionéiert de Kontrollsystem net?**

Op kengem eenzegen Déierentransport, deen 2021 vu Lëtzebuerg gestart ass, goufen doudeg oder verletzten Déieren op der Destinatioun oder ënnerwee gemellt.

Falls Déieren um Transport stierwe sollten oder verletzt sollte ginn oder iergendeen anere Problem mam Déiereschutz festgestallt gëtt, gëtt dëse Fait duerch déi zoustänneg Autoritéiten à destination festgehalen an och der Autorité compétente um Depart matgedeelt. Dës Kontrolle ginn am IMSOC (Information Management System for Official Controls) erfaasst.

7. **Grad elo wärend der Hëtzt kënnt et all Joers erëm vir, dass Déierentransporter trotz extremen Temperaturen duerchgefouert ginn. An Däitschland gouf virun der dänescher Grenz een Transporter gestoppt, an deem Fierkele bei 47 Grad am Schied transportéiert goufen. An der Äntwert op meng Fro Nummer 841 hat de Minister deemools erkläert, dass am Summer keng spezifesch Kontrollen hei duerchgefouert ginn.**
   **Ass dat dëse Summer och erëm de Fall?**

Am Kader vun de Kontrolle vun den Déierentransporter gëtt och besonnesch op d'Temperature gekuckt au Depart, op der Streck wéi och op der Arrivée. Falls d'Temperature klammen, gëtt d'Zuel vun den Déieren um Camion deementspriechend reduzéiert. Bei extremen Temperature gëtt den Transport ganz ofgesot.

Lëtzebuerg, den 30. August 2022

De Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung,

(s.) Claude HAAGEN